

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d’Kulturministesch weiderzeleeden:

*„ Bei de schroen Iwwerschwemmungen am Mount Juli gouf den Iechternacher Park staark getraff. Fënnef Méint no der Héichwaasserkatastroph ass de Park nach ëmmer an engem ganz schlechten Zoustand. D’Reparaturaarbechte vun de Gemengenekippe goufen administrativ gestoppt a waarden elo säit dem 5. Oktober op d’Erlabnis vum Kulturministère a vum ‚Service des Sites et Monuments‘ fir dierfe virun ze fueren.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:*

- *Wisou, an op Basis vu wéi engen gesetzlechen Dispositiounen, goufen d’Aarbechten am Iechternacher Park vum ‚Service des Sites et Monuments Nationaux‘ gestoppt? Wéi laang leien d’Aarbechten elo schonn op Äis?*
- *Mussen Opraumaarbechten a kleng Reparaturen am Fall vun enger Naturkatastroph am Virfeld autoriséiert ginn?*
- *Hunn déi zoustänneg Instanzen de Bréif vum 5. Oktober vun der Gemeng Iechternach receptionnéiert? Wa jo, gouf d’Demande schonn traitéiert a fir wéini ass mat enger Äntwert ze rechnen?*


9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Wéini kënnen d'Aarbechten fir d'Instandsetzung vun de Weeër, der Beliichtung, den Tennis-Terrain'en an dem Minigolf nees opgeholl ginn, a bis wéini sollen dës Reparaturen ofgeschloss sinn?*
- *A wat fir engem Mooss ass de Pavillon am Iechternacher Park duerch d'Héichwaasser beschiedegt ginn? Wéi eng Reparaturen müssen hei genee duerchgefouert ginn a wat wäert de Käschtepunkt vun dëse Reparatüre sinn?“*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN  
Deputéiert



André BAULER  
Deputéierten